



Communiqué de presse 19/05/2019

Zwee mol bis an ¼ Final, gudd Leeschtung vun eisen U17 Nationalspiller an Kroatien

D'Lëtzebuerger U17 Badminton Nationalspiller Kim Schmidt, Yannick Feltes an Jérôme Pauquet waren dësen Weekend op dem Adria U17 International Tournoi zu Opatija an Kroatien am Asaz, an hunn mat zwou ¼ Finalen ob sech opmierksam gemaach.

Den Directeur Technique Frédérick Mawet, deen mat den Spiller sur place war, huet folgend Conclusiounen gezunn:

"Gudden Tournoi fir eis 3 Spiller. De Yannick hat leider e bëssi Pech bei der Auslousung, andeems hien direkt ob een gesaten Spiller an der éischter Ronn getraff ass, huet awer esouwuel am Eenzel wei och am Double eng ordentlech Leeschtung gewisen.

Ganz gutt Performance fir den Mixte mam Kim an Jérôme, déi sech an der ¼ Final mat 21-19 an 22-20 géint eng ob 3 gesaten Russesch Koppel hun missen geschloen gin.

Knapp d'½ Final verpasst huet och de Jérôme an sengem Eenzel. An der ¼ Final konnt sein Géigner, een ob 3 gesaten Éisträicher, den Match mat 21-18, 21-17 fir sech entscheeden.

Et freet mech immense ze gesinn, dass eis Spiller den Niveau hunn ob internationalen Terrain matzehalen, mee et feelt am Moment nach un der néideger Experienz"

Detailléiert Resultater vun de Matcher sin hei ze fannen:

<http://bwf.tournamentsoftware.com/sport/matches.aspx?id=4C1A9469-A946-4FA1-AABC-5D867572F57B&c=LUX>

Nächsten Rendez-Vous fir eis U17 Nationalequipe, an identescher Besetzung, ass vum 6. bis 9. Juni ob den German U17 Open zu Bergisch Gladbach.

Weider Informatiounen zum BEC U17 Circuit fannt dir ob der Homepage vun Badminton Europe:

<http://circuit.badmintoneurope.com>